ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 28. Mäerz 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den Europäesche Rot vum 22. Mäerz 2018 huet no deem rezenten, tragesche Virfall zu Salisbury, duerch deen d'Liewe vun zwou Persounen a Gefor komm ass, ënner anerem dëst a senge Conclusiounen zréckbehalen :

> *"Il souscrit à l'analyse du gouvernement du Royaume-Uni selon laquelle il est hautement probable que la Fédération de Russie soit responsable de cet acte et qu'il n'existe pas d'autre explication plausible. Nous exprimons une solidarité sans faille avec le Royaume-Uni face à cette grave remise en cause de notre sécurité commune*."

An dem Zesummenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen :

1. Wéi eng Beweiser huet dat Vereenegt Kinnekräich deenen anere Memberstaate presentéiert, fir déi Hypothees vun enger Verantwortung vun der Russescher Federatioun bei dem Virfall zu Salisbury ze ënnermaueren?
2. Wéi eng Elementer leien der Lëtzebuerger Regierung vir, fir unzehuelen, datt et keng "aner plausibel Erklärunge" kéinte ginn?
3. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Ukloen oder d'Veruerteele vu Staaten, wéi och all Decisioun iwwer Sanktiounen oder Retorsiounen an den internationale Bezéiungen, Virgäng vu gravéierender Natur sinn, déi kënne wäitreechend Konsequenzen hunn?
4. Wa jo, deelt d'Regierung déi Meenung, datt dowéinst esou Decisiounen net däerfe liichtfankeg geholl ginn, mee nëmmen am Aklang mam internationale Recht an op Basis vun enger klorer, eendeiteger, objektiv novollzéibarer an iwwerzeegender Beweissituatioun ?
5. Wéi gesäit d'Regierung d'Entwécklung vun de Bezéiungen tëschent Lëtzebuerg a Russland, nodeem si op Grond vu "Wahrscheinlechkeeten" Russland fir de Virfall zu Salisbury verantwortlech gemaach huet?

6. Fir de Fall, wou d'Enquête vun der Organisatioun fir de Verbuet vu chemesche Waffen, der britescher Police a Justiz an aneren net kéinten dozou féieren, eng Verantwortung vun der Russescher Federatioun fir de Virfall zu Salisbury ze beweisen, wéi eng Conclusioune géing d'Lëtzebuerger Regierung dann zéien, besonnesch am Hibléck op
    - de Fonctionnement vun der europäescher Baussen- a Sécherheetspolitik an der Koordinatioun an der NATO,
    - de Relatiounen zu där aktueller Regierung vum Vereenegte Kinnekräich,
    - de Relatiounen zu der Russescher Federatioun?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten